ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. November 2020

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

D'Chamber vun de Salariéen (CSL) huet e Gesetzesvirschlag gemaach, fir d'Familljeprestatiounen op 7,7% ze revaloriséieren an d'automatesch Upassung vun de Prestatiounen un den Index nees anzeféieren.

Der CSL no haten déi dräi lescht Reformen zënter 2006 nämlech staark negativ Suitte fir d'Kafkraaft vun de Familljen. Si geet och dovun aus, datt d'Covid-Kris riskéiert, d'Situatioun vu verschiddene Familljen a finanzielle Schwieregkeeten nach ze verschlëmmeren an och weider Familljen an esou Schwieregkeeten ze bréngen.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Familljeminister gär folgend Froe stellen:

1. Ass d'Madamm Minister a Kenntnes vun där negativer Entwécklung, déi der CSL no duerch déi dräi lescht Reformen entstane sinn, respektiv deelt d'Madamm Minister dës Analys?
2. Gesäit d'Madamm Minister och d'Gefor, datt d'Covid-Kris zur Verschlëmmerung vun där genannter Situatioun féiert? Wann nee, wourunner mécht si dat fest? Wa jo, huet si e konkret Konzept oder geplangte Moossnamen, fir dëser Situatioun entgéintzewierken?
3. Wéi steet d'Madamm Familljeminister zu dëse konkrete Fuerderungen, déi d'CSL an hirem rezente Gesetzesvirschlag verschafft huet?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten